



mussen an de Budget aschreiwen en vue vun der Realisatioun vum CGDIS.

Et ass nach net ganz laang hier, dunn hat ech dem Här Zeimet e klengen Dictionnaire zoukomme gelooss, a wann een d'Definitiouen vun engem Budget am Petit Robert noliest, da steet dodran, dass een an dee Budget alles soll aschreiwen, wat previsibel un Dépense kënnt. Ech mengen awer, Här Zeimet, kënnen hei ze behaupten, och wann d'Gesetz nach net gestëmmt ass, dass et awer previsibel ass, dass mer am Joer 2018 en neien Etablissement public wäerte kreéieren, wou dann d'Rettungsdéngschter ënner engem Hutt wäerte vereenegt ginn. An ech mengen och kënnen hei ze soen, dass mer bis elo an der Chamberskommissioun an enger grousser Eintracht un deem Projet do geschafft hunn.

Eis Aufgab als Interieur ass et, d'Gemengen am beschten dorobber hinzewiesen, wat an der nächster Zukunft ka kommen! Dat heiten ass, mengen ech, och ganz kloer an der Kommissioun vun eis verlaangt ginn, dass mer de Gemenge matzäit sollte soen, wat op se duerkennt. An eiser Budgetcirculaire hu mer de Gemengen engersäits gesot, dass se déi Depensen, déi se haut dran hu fir den Entretien vun de Service-d'incendies, dass se déi Budgetartikel sollte bäibehalen an dass mer géifen, esou séier wéi dat méiglech wär, och eng Aschätzung maache vun deenen zukünftige Käschten, déi op se duerkommen, wat de CGDIS ugeet. Dat hu mer gemaach, esou wéi et och an der Chamberskommissioun ugekënnegt ginn ass.

Effektiv ass et awer elo esou, dass eng Rei vu Gemengen hire Budget entweder scho gestëmmt haten - bis de 5.12. war dat genau eng Gemeng, näamlech d'Gemeng vu Käerjeng -, eng Rei anerer hunn dat awer e puer Deeg drop gemaach. An déi zwou Gemenge respektiv déi Buergermeeschtere vun deenen zwou Gemengen, déi elo d'Question parlementaire de Mëtting gestallt hunn, näamlech vun der Gemeng Beetebuerg an der Gemeng Gréiwemaacher, wann ech richteg informéiert sinn, wäerte muer hire Budgetprojet stëmmen, sou dass also gutt Zäit war, dat, wat mer hinnen als Depense ugeroden hunn, an de Budget dranzusetzen, dass se dat och nach ëmmer kéinte maachen.

Mä och, wa se et net maachen, an dat wëssen och déi zwee, well et si schlisslech schonn al Huesen als Buergermeeschter, dann ass dat och nach net dramatesch, well et gëtt eng Rei vu Moyenen, dat dann och eng Kéier nodréiglech ze redresséieren. Ech mengen, och dat sollt hei awer eng Kéier gesot ginn.

Wat wichteg ass, wann et ëm den Inhalt geet, an dovun ginn ech jo emol aus: Wat hu mer de Gemenge geschriwwen? Et geet drëms, fir elo scho kënne kloer festzeleeën, wat reng CGDIS (veuillez lire: wat dat reng de CGDIS betreffend fir d'Gemenge bedeit.) Wann et dann esou gestëmmt gëtt, wéi dat ofgemaach ass oder wéi dat diskutéiert gëtt oder wéi dat och an der Chamber, an der Chamberskommissioun an allen Amendementen, déi mer elo diskutéiert hunn, ofgestëmmt ginn ass, dann heescht dat, dass an Zukunft eng Rei vun Depensen op d'Gemenge wäerten duerkommen.

Eis ass et drëms gaangen, de Gemenge matzäit ze soen, wou se dru sinn an dass se dat kënnen aschreiwen.

Mä nach eng Kéier ganz kloer gesot: Wa se dat net wëllen an hire Budget aschreiwe loossen dës Kéier, dann ass dat och nach net dramatesch. Et gëtt och nach ëmmer d'Méiglechkeet, nodréiglech eng Rektifikatioun vum Budget ze maachen. An et gëtt och nach ëmmer d'Méiglechkeet, dat an engem Budget rectifié nach eng Kéier kloer duerzeleeën.

Hei ass et drëms gaangen, fir d'Transparenz vun Ufank u spillen ze loossen. An ech wëllt lech awer soen, Här Zeimet, dass déi alermeeschst Gemengen domadder absolutt kee Problem haten. Mir hate genau néng Gemengen, déi bei eis ugeruff hunn, fir ze froen, wéi dat da gemengt wier a wéi dat da sollt am Budget ganz konkret ausgesinn. Déi Gemengen hunn och alleguerten déi nämlecht Äntwert vun eis kritt!

An et ass dofir eng falsch Interpretatioun, fir ze soen, et wär bei menge Servicer esou, dass deen ee géif dat eent soen an deen aner dat anert. An deem Bréif, dee mer un d'Gemenge geschriwwen hunn, do sinn eng ganz Rei vun Telefonsnummere mat Nimm vu Beamten ernimmt ginn, un déi ee sech sollt wënnen, wann dozou Froe wieren. An alleguerten déi

Leit, déi déi Leit ugeruff hunn, hunn och iwwerall déi nämlecht Äntwert kritt!

Ech verstopen net, dass et deen een oder anere Gemegepolitiker gëtt, dee mengt, dass en aus där aler Zäit vum Interieur, wou en eng Rei vu Relatiounen hat, nach ëmmer kéint seng Relatiounen spille loossen, déi al Seilschaften, fir dat op Lëtzebuergesch ze soen, wou een deen anerem da praktesch...

(Brouhaha et protestations)

...wou een deen anerem nach ëmmer dann no Informatiounen gefrot huet. Ech kann lech just soen: Wann Der lech un dat gehalen hätt, wat a mengem Bréif un d'Gemenge gestanen huet, dass Der déi Leit ugeruff hätt, déi wëssen, ëm wat dass et geet, dann hätt Der och iwwerall déi nämlecht Äntwert kritt!

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir kommen dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi 6855 betreffend d'Neuerdnung vun enger Rei vun Hëllef fir den Ëmweltschutz. An déi riichte sech un eis Betriber. An d'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här Franz Fayot.

3. 6855 - Projet de loi relatif à un régime d'aides à la protection de l'environnement et modifiant

1. la loi du 17 mai 2017 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

2. la loi du 20 juillet 2017 ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mer iwwer e Projet de loi of, dee wichteg ass direkt an zwou Beräicher: Deen éischte wichtige Beräich ass dee vum Ëmweltschutz an deen zweeten, dat ass deen, dass en och zu der Diversifizéierung vun eiser Wirtschaft bäidréit op eng net onwichtig Aart a Weis.

Mat deem Projet de loi féiere mer näamlech en neie staatlechen Hëllefssystem an am Beräich vum Ëmweltschutz. An dese Regimm remplaceiert den aktuelle Regimm aus dem Gesetz vum Februar 2010, deem seng initial Dauer bis den 31. Dezember 2013 limitéiert war, deen awer du bis 2017 verlängert gouf.

D'Hauptzil vun deem Gesetzestext ass et, d'Betriber ze encouragéieren, fir déi natierlech Ressourcen op eng rational Aart a Weis ze verwennen an esou den ekologesche Fousofdruck vun de Produktiounsaktivitéiten a -prozesser ze reduzéieren.

Op dës Manéier sollen d'Entreprises encouragéiert ginn, zu den nationalen Ziler fir erneierbar Energien, Energieeffizienz a Reduktioun vun Treibhausgasen bäizetreen, wéi et och am Regierungsprogramm vun 2013, an der Strategie Europa 2020 an natierlech och an den Ziler vum Paräisser Accord virgesinn ass.

Den neie staatlechen Hëllefssystem viséiert exklusiv Hëllef, déi en incitativen Effekt hunn. Dat heescht, hei geet et drëm, d'Betriber dozou ze kréien, hiert Verhalen ze änneren. Also soll de Betrib encouragéiert ginn, fir nei Aktivitéiten ze schafen, déi een ouni dës Hëllef net kéint réaliséieren respektiv nëmme limitéiert kéint ëmsetzen.

De Betrib soll incitéiert ginn, fir den Niveau vum Ëmweltschutz bei sengen Aktivitéiten ze héijen an esou zu engem sécheren, nohaltegen an abordablem europäeschen Energiemaart bäizetreen.

Här President, e weideren Zweck vun deem Gesetzesprojet ass et dann och, fir den nationale Sektour vun den Ekotechnologien weiderzuentwëckelen, woubäi gewosst ass, dass dat dës Joer eng vun den Diversifizéierungsachsen vum eise Land ass.

Et kann een elo schonn ënnersträichen, dass Lëtzebuerg am Beräich vu sougenannten „gréngen“ respektiv „propperen“ Technologien eng ganz Rei flott Nischen opzeweisen huet. An ech erënneren do un d'Ried gëschter vum Henri Kox zum Budget, dee jo och eng Partie Beispiller ginn huet, notament an der Kreeslafwirtschaft, wou elo scho Lëtzebuerg Betriber ganz flott Modeller ausgeschafft hunn an deem Beräich.

Lëtzebuerg huet sech op spezifescht Gebidder an op spezifescht Stadie vun der Wäertkette fokusséiert an ënnerstëtzt aktiv de sougenannten „greening“ vun der wirtschaftlecher Struktur vum eise Land.

Deen neien Investitiounsprogramm vun der Regierung huet mat deem Gesetz och eng positiv Auswirkung op d'Schaffen an d'Erhaltung vun Aarbechtsplazen. Den Aarbechtsmaart profitéiert also och vun der Moderniséierung vun der EU hirer Bähëllefspolitik am Ëmweltschutz. D'EU huet näamlech d'Kritäre souwuel iwwerpréift wéi och adaptéiert, déi et den EU-Staten erméiglechen, staatlech Hëllef auszebeziehen.

Mam neie Reglement N°651 vun der Kommissioun vum Juni 2014 goufen elo eng Rei vu weideren Hëllef als kompatibel zum Banne-marché deklaréiert. Och dësen Hëllefssystem, iwwert dee mer haut schwätzen, gehéiert zu deem neie Kader.

Esou wéi de viregte Regimm ass och den neien Hëllefssystem dorobber ausgebaut, fir e staarken, kompetitiven an diversifizéierten Industriesektour en place ze setzen, dës duerch e rationale Gebrauch - nach eng Kéier - vun natierlechen Ressourcen, virop der Energie. Fir och weiderhin eng effikass circulaire Wirtschaftspolitik ëmzesetzen, viséiert den neien Hëllefssystem och de Recyclage an d'Weiderverwäertung vum Offall.

Am Beräich vun der effikasser Energiepolitik ginn d'Betriber och encouragéiert, a besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber, fir hiren Energieverbrauch ze reduzéieren. Den neien Investitiounsregimm hëllef, genau dës Ziler weider ze erreechen, andeems e finanziell Hëllef fir Ëmweltetüden an déi doraus entstane Investitiounsmoossnamen bereetstelt.

Här President, à moyen terme sinn déi vill verschide politesch Mesuren am Beräich vum Klimaschutz, der Promotioun vun erneierbaren Energien an Energieeffizienz en zentraalt Element, fir eng nohalteg Entwécklung vun eise Land ze féieren.

An nach eng Kéier: Dës sinn och zentral Diskussiounen en rapport mam Rifkin-Rapport an deene villen Diskussiounen, déi mer hunn am Beräich vum dauerhafte Wuesstum, oder déi aner géife soen „dem effiziente Wuesstum“.

Den neien Hëllefssystem huet awer och nach weider Mesuren ze offréieren. Sou besteet d'Méiglechkeet vun der Kofinanzéierung vun Investissementsprojeten am Beräich vun Technologien, déi d'Emissioun vun Treibhausgasen reduzéieren, an dës och fir Firmen, déi net am sougenannten „ETS - Emissions Trading System“ sinn, wéi zum Beispill Biogasproduzenten.

Här President, dese Gesetzestext iwwerhëlt zu engem groussen Deel d'Hëllefssystem vum viregte Gesetz vum 18. Februar 2010, mä setzt se à jour par rapport zu den neie Precepter vum Reglement vun 2014. Sou iwwerhëlt dës Gesetz och d'Hëllefssystem, déi d'Entreprises encouragéieren sollen, fir iwwert de Standard vun Ëmweltschutzmoossnamen erauszugeen oder den Niveau vum Ëmweltschutz ze erhéien.

Da ginn et och weiderhin Hëllefssystemen, déi et de Betriber erlaben, sech schonn deelweis un déi zukünftige Ëmweltschutznorme vun der EU unzepassen. Derbäi kommen nach Hëllefssystemen fir Energieeffizienzmoossnamen a fir d'Förderung vun Energien aus erneierbaren Quellen an Investitiounen an Ëmweltschutzanalyse souwéi och Etüden.

Dësen Text enthält awer och nei Hëllefssystemer, dorënner d'Investitiounsbähëllef fir Projeten, déi d'Energieeffizienz vun de Gebaier ënnerstëtzen, Bähëllef fir d'Sanéierung vun kontaminéierten Plazen, Investitiounsbähëllef fir effizient Hëtze- a Killreseauen a fir de Recycling an d'Weiderverwendung vun Offäll ze encouragéieren, an zu gudder Lescht och nach Bähëllef fir Energieinfrastrukturen.

Wat d'Sanéierung vun ehemolegen Industriesiten ugeet, ass ze bemerken, dass d'Investitiounsbähëllef fir d'Dekontaminatioun vu Plazen ausschliesslech fir Entreprene geduecht sinn, wéi dat et de Fall bei all deenen anerem Hëllefssystem ass, déi an deem Gesetzestext opgelëscht sinn.

Déi interkommunal Gewerkschaften zum Beispill falen net an de Kader vun deem Gesetzestext a kënnen net vun dësen Investitiounsbähëllef profitéieren. Allerdéngs sinn d'Firmaen, wou d'Gemeng Aktionär ass, net ausgeschloss vun deem Régime d'aides. Déi méi breet Opstellung vu Bähëllef ass ze begräissen an et ass ze hoffen, dass se déi ekologesche Konversioun vun der Lëtzebuergescher Wirtschaft, vun de Lëtzebuergesche Betriber accompagnéiert an och wäert weider ukuerbelen.

Fir Industriebetriber an am Verglach mam Gesetz vum 18. Februar 2010 ass feststellen, dass d'Hëllefstaue gläich héich bleiwen an den Taux d'investissement fir d'Energieeffizienzmesur souguer ëm zéng Punkten erhéicht gëtt. Den Taux d'investissement huet domadder dann och en direkten Impakt op d'Re-

duktioun vu Produktiounskäschten an domadder op d'Kompetitivitéit vun den Entreprene.

Fir Industriebetriber gouf de Seuil de notification bei der EU-Kommissioun fir déi meescht Hëllefssystem vum 7,5 Milliounen op 15 Milliounen Euro erhéicht. Wat d'Hëllefssystemen fir d'Energieeffizienzmoossnamen ugeet, gouf de Seuil de notification vum 7,5 op 10 Milliounen Euro erhéicht, a fir déi nei Hëllefssystemer hu mer e Seuil de notification, deen an der Moyenne tëschent 15 a 50 Milliounen Euro läit.

Här President, d'Hëllefssystemer goufen also staark erweidert, dës och, well ënnert dem ale Gesetz nëmme d'Kapitalerhéijung oder d'Zënssubventiounen uwendbar waren.

Här President, mir hunn am Kader vun deem Gesetz dann och eng Revisioun gemaach vun deenen zwee viregte Régimes d'aides fir infrastrukturelle Regiounen an och fir de Régime d'aides à la recherche, au développement et à l'innovation. Dat war néideg, well d'europäescht Reglement nach eng Kéier am Juli 2017 modifiéiert ginn ass a well do verschiden Adaptatiounen hu misse gemaach ginn. Dës Adaptatiounen touchéieren awer net de Fong vun dese Gesetzter.

Mir haten eng Rei Aise vum Statsrot zu deem Projet, wou och eng Partie Opposition-formellen opgeworf gi sinn, op déi ech elo hei net am Detail wëll agoen. Ech géif lech do op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Mir haten och eng gutt Kooperatioun an der Ekonomieskommissioun. Ech géif och all de Kollege gäre Merci soe fir déi gutt Zesammenaarbecht. Ech géif och dem viregte Rapporteur Frank Arndt Merci soe fir seng Virbereedung an deem Dossier an natierlech och de Leit aus dem Ministère an dem Minister Merci soe fir d'Kooperatioun hei an deem wichtige Projet.

Ech mengen, dozou wär alles gesot. Wéi gesot, fir de Rescht, fir den techneschen Detail verweisen ech lech op mäi schrëftleche Rapport, ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Dann huet den Här Gloden d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport.

Et ass e wichtige Projet, well en eis Betriber och fit mécht, fir doduerch kompetitiv ze bleiwen, datt een an ëmweltschounend Equipementer investéiert. Ech mengen, déi Leit, déi Gemenge leeden, wëssen, datt d'Betriber oft bereet sinn, och an esou Installatiounen ze investéieren. Besonnesch Betriber, déi méi Energie brauchen, probéieren esou vill wéi méiglech Energie ze spueren. Ech kann a menger Gemeng eng ganz Rei där Betriber opzielen. An duerfir ass et wichteg, datt se och kënnen do Aidë kréien, fir an zukunftsorientéiert Equipementer ze investéieren.

An d'CSV gëtt heimadder hiren Accord dofir.

► Une voix.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Bauler huet d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, mir hunn dës Woch am Kader vun de Budgetdebatten dacks héieren: „Dës Regierung investéiert an d'Zukunft vum Land mat engem héijen Investitiounsniveau.“ D'Demokratesch Partei wënscht sech natierlech, dass nieft dem Stat och eis Betriber investéieren.

Fir d'Betriber ze motivéieren, an eise Standuert a seng Modernisatioun - seng Digitalisatioun, awer och seng Modernisatioun - ze investéieren, gëtt et eng Panoplie vun Investitiounshëllef. De Rapporteur Franz Fayot, deem ech och vun eiser Säit aus wëll felicitéieren a Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, huet dat alles gesot an ënnerstrach.

D'Gesetz, dat mer haut stëmme sollen, ass en Deel vun där Strategie, fir eis Economie ze féieren a se och ze diversifizéieren. Am März hate mer schonn e Gesetz gestëmmt, dat den neie Kader festgeluecht huet fir d'Hëllef, déi an d'Recherche, an d'Entwécklung an an d'Innovatioun ginn. Am Juli hu mer dunn d'Gesetz gestëmmt, dat d'Hëllef fir Entreprene, déi a sougenannten defavoriséierten Zonen investéieren, definéiert.

Haut wäerte mer da mat deem Projet dat lescht Gesetz vun dëser Strategie stëmme, soudass dës Regierung déi dräi wichtegst Investitiounshëllef fir Entreprene an dëser Legislaturperiod op de Leescht, op de Metier geholl huet a finalement däitlech verbessert.



An der vieregter Period vun dësem Gesetz goufen effektiv 61 Projekte mat ongeféier 52 Milliounen Euro subventionéiert. Mat dem neie Gesetz, dat bis Dezember 2020 wäert gëllen, rechent de Stat, dass ee sech mat bis zu 125 Milliounen Euro un Investissementen vun de Lëtzebuerger Entreprises wäert bedeelegen.

Här President, ech wëll nach just eng Käier ënnersträichen, dass dësse Projet zwee Haaptziler verfollegt. Éischtens, d'Hëllef sollen eis Entreprises effektiv ureegen, fir a ressourcëschounend an ekologesch Moosnamen ze investéieren. Doduerjer verbrauche si net nëmme manner Energie, mä si spueren Suen. Mä si ginn doduerjer och méi kompetitiv par rapport zu Entreprises, déi méi energieopwendeg, méi ressourcenopwendeg, also och méi deier, manner kompetitiv produzéieren.

Dat Zweet ass, dass eis Entreprises mat dësen Investissementen, déi se am Kader vun dësem Gesetz wäerten tätigen, dozou bäidroen, dass Lëtzebuerg och seng national Ziler a puncto Verréngerung vun den CO₂-Ausstéiss respektéiert souwéi seng international Klimaobjektiver fir 2030 erreeche kann.

Ech ginn elo wierklech net méi an d'Detailer an; de Rapporteur huet eis dat op eng ganz präzis Manéier virgestallt.

Ech wollt just betounen, dass d'Demokratesch Partei et ausdrécklech begreist, dass nieft deenen Hëlfe, déi aus dem vieregte Gesetz iwwerholl goufen, och eng Rei nei Äiden agefouert goufen, dass keen Taux erfogsat gouf, mä der e puer souguer erhéicht goufen, an dass déi kleng a mëttelgrouss Betriber - dat ass jo nach ëmmer d'Majoritéit vum Tissu économique vum Land - nach ëmmer méi ënnert d'Äerm gegräff kréie wéi déi sougenannt grouss Entreprises.

Dës gesot, géif ech dann och den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Als nächste Riedner huet den Här Gérard Anzia d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här Persident. Léif Kollegeinnen a Kollegen, e grouss Merci un de Rapporteur Franz Fayot. Am Rapport ass alles detailléiert beschriwwen. Ech wäert déi Detailer och elo net hei nach eng Käier opzielen. An och an deem mëndlechen Deel ass jiddwerengem heibanne kloer ginn, ëm wat et geet.

Et geet ëm Bähëllef fir de Schutz vun der Ëmwelt, eppes, wat eis alleguerten um Häerz läit a virun allem eppes, wou elo, mengen ech, niewent dem Stat an de Gemengen, niewent de Privatle, niewent den Haushalter eben och Betriber gefuerdert sinn, sief et d'Industrie, sief et d'PME, awer och d'Handwerk. An duerfir mengen ech, dass dat heite Gesetz mat dëse Bähëllefen incitéiert, fir dass eben och an de Betriber am Sënn vun der Ëmwelt geschafft gëtt.

Et schreift sech an, an et ass scho gesot ginn, an d'Strategie, déi Europa sech ginn huet fir 2020, an de Regierungsprogramm vun dëser Regierungskoalitioun. Et schreift sech an an déi Engagementer, déi mer am Dezember 2015 op der COP21 geholl hunn, an et schreift sech och an an de Cadre d'action 2030, deen also e bësse méi wäit kuckt. Et geet also ganz kloer drëm, fir dem Klimawandel entgéintzewierken.

Dës Bähëllef sollen och virun allem Neies ustoussen, sollen nei Produktiounsaktivitéiten ervirbréngen an och bekannt Produktiounsweeër mat Hëllef veränneren. Déi nei Aktivitéiten, d'Ekotechnologien si schonn ugedéit ginn. Am Rifkin-Prozess gi se beschriwwen als eng méiglech Entwécklungsstrategie fir d'Lëtzebuerger Land. Duerfir ass et och richtig a gutt, dass mer do iwwer 100 Milliounen Euro am Budget wäerte virgesi bis 2020, fir dës Moosnamen unzustoussen.

De Virriedner huet et gesot: Mir hu Bähëllefen an der Fuerschung. Mir hu Bähëllefen, déi hei elo drëm ginn, fir de Betriber direkt ze hëlfe. Et geet also drëm, Aarbechtsplazen ze sécheren, wat wichteg ass, well wann ech et fäerdegbréngen, méi ressourcëschounend ze produzéieren mat manner Energieasaz, mat manner Materialasaz, dann hëlleft dat, déi besteeënd Aarbechtsplazen ze sécheren, well ech mäi Produkt méi kompetitiv kann herstellen, an et entstinn duerch déi nei Ekotechnologien eben och nei, zukunftsfaeg Aarbechtsplazen.

Ëm wat geet et bei de Bähëllefen? Nëmme ganz kuerz.

D'Ressourcë méi effikass notzen. Do ass de Volet vum Offall, dem Recycling, awer och vum Notze vun den Decheten an de Betriber selwer, fir se erëm direkt ze valoriséieren als Matière première, wat e grouss Virdeel ka sinn, well

keng Offallkäschten entstinn, mä dat Material erëm direkt an d'Produktioun kann afléissen. An domat reduzéiere mer och den ekologesche Foussofdruck an de Betriber am Sënn vun der Économie circulaire, wat ënner anerem esou e gudden Uklang fënnt beim Handwerk an och bei de Betriber, well et och ekonomesch real Virdeeler huet.

Den zweete grouss Volet, dat sinn d'erneierbar Energien. Dat ass net eleng eng Aufgab vun de Gemengen, vum Stat a vun de Privatle. Do sinn och d'Betriber gefuerdert. Och Betriber hu grouss Diech, wann ech u Solarenergie denken, och Betriber hunn d'Méiglechkeet, erneierbar Energien an hir Produktiounsprozesser afléissen ze loossen, an et bitt och eng Méiglechkeet fir si, fir ze soen: „Meng Produktioun ass energie- oder emissionsneutral“, an domat gëtt dat och erëm eng Käier e Wettbewerbsvirdeel fir d'Betriber.

A mir hunn natierlech och en Zilwäert ze erfëllen als Lëtzebuerger Land: déi 11% erneierbar Energie bis 2020. An do brauche mer alleguerten d'Akteuren, fir zu deem Zil ze kommen. A wa mer vu Rifkin-Prozess schwätzen, mat enger Zilsetzung, déi méi wäit kuckt, bis 2060, mat 70% oder 100% erneierbaren Energien, da muss all Secteur säi Volet bei den erneierbaren Energie bäidroen, soss ass deen Ëmschwung an der Energieproduktioun net denkbar.

Mir haten d'virlescht Joer, wann ech mech richtig erënneren, schonn e Reglement hei, eng europäesch Direktiv ëmgosat an e Gesetz gestëmmt, wat d'Betriber zu méi Effikasitéit zwéngt, an zwar déi, déi d'Energie verdriewen. An dat ass och ee Volet, deen hei am Gesetz mat weiderkënnt: dass u sech den Endverbraucher probéiert, méi Effizienz a seng Energienutzung eranzekréien. All Energie, déi ech net brauch, brauch ech och net ze bezuelen. Duerfir geet dat an d'Kompetitivitéit vun de Betriber mat eran.

Eis Gréng schénkt et och wichteg, dass eben eng Ofstufung hei geschitt an dass net, wéi dacks gesot gëtt, d'Handwerk vergiess ass. Et ass ganz kloer, dass hei eng Grondbasis bei allen eenzelne Bähëllefen - ech ziele se net nach eng Käier all op -, e Grondtaux do ass an dass u sech déi petites Entreprises bis zu 20% méi Subside kënne kréien, also all déi Betriber, déi ënner 20 Leit beschäftegen, an och bei de moyennes Entreprises gëtt et en Top-up vun 10% bei de Bähëllefen. An dat weist jo grad, dass dës Regierung och wëllt d'Handwerk an déi mëttel Betriber ënnerstëtzen an hiren Demarchen, fir sech kompetitiv opzustellen.

Duerfir, mir sinn all gefuerdert, léif Kollegeinnen a Kollegen - Stat, Gemengen, Privat-haushalter, Betriber -, fir den Challenge vum Klimawandel unzegoen. An eis Gréngen ass et wichteg, dass herno dat Ganzt endlech a konkreten Aktiounen um Terrain geschitt; an net nëmmen deenen um Pabeier. Doru wäerte mir gemooss ginn an duerfir sti mir och als Gréng an. An duerfir ginn ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An d'Wuert huet elo den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Jo, Merci, Här President. Mir stëmmen als ADR dësse Projet, dee finanziell Hëllef fir eis Betriber virgesäit, net ouni Bauchwéi, aus zwou Ursachen:

Déi éischt Ursach läit bei de Klimaziler, wou mir denken, datt déi, wéi se definéiert gi sinn, onerreechbar sinn. Mir ënnerstëtzen all Efforten zum Klimaschutz an zur Energieaspuerung, mä mir denken, datt utopesch Ziler ze fixéiere weder eisem Land nach dem Klima schlussendlech hëlleft.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Roy Reding (ADR).** - Hei wär einfach méi Realismus néideg.

Dat Zweet, dat ass, datt wéi esou oft verpasst gouf, eng Simplification administrative ze maachen. Mir hunn hei nees en Text, wou eng schrecklech bürokratesch Prozedur virgesinn ass, déi zwee Ministären an eng Commission consultative implizéiert. An dorobber hunn och esouwuel d'Chambre de Commerce wéi d'Chambre des Métiers mat Recht higewisen.

Simplification administrative bleift schlussendlech soulaang en eidelt Wuert, wéi d'Auteure vu Gesetzesprojeten an in fine och mir hei an der Chamber net ëmdenken. Et geet net drëm, de Verwaltungen d'Liewe méi einfach ze maachen, mä de Mënschen dobaussen, de Bierger an de Betriber. An dat ass hei alt nees eng Käier versäumt ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Mir sinn um Enn vun der Riednerlescht

ukomm. An d'Wuert huet elo den Här Wirt-schaftsminister, den Här Etienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.** - Jo, Merci, Här President. Fir d'Alleréischts wëll ech dem Rapporteur, dem Franz Fayot, villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport an och fir seng Aarbecht an der Kommissioun, fir dass mer dee Projet hei duerkreien. Ech mengen, dass et e ganz wichteg Instrument ass, wat mer dem Land hei ginn, fir ebe just eis Betriber ze encouragéieren, hir Ressourcen an och hiren Energieverbrauch vill méi rationell kënnen an Zukunft ze notzen, fir den Ëmwelt-impakt och vun hiren Aktivitéiten ze reduzéieren.

Et ass also e Projet, dee sech ganz kloer areit an de Kader vun der Nohaltegkeet, vun den erneierbaren Energien a vun der Energieeffizienz. An deemno ass et e ganz wichtige Projet, fir ebe genee dat ze maachen, wat mer jo zënter enger Zäit hei och am Kader vun der Rifkin-Debatt diskutéieren: näämlech Weeër fannen, wéi mer eben eise Wirtschaftswuesstum an Zukunft méi nohalteg kënne gestalten.

Duerfir Iech alleguerten hei e grouss Merci, zumindest emol all deenen, déi de Projet de loi hei wäerte matstëmmen. E grouss Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci, Här Minister.

Da kënne mer och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6855 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6855 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

59-mol Jo, keng Abstentiounen a keen Neen, also Unanimitéit vun deene Kollegeinnen a Kollegen, déi ofgestëmmt hunn.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6855 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers (par M. Léon Gloden), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Michel Wolter (par M. Marc Spautz) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da bräicht ech jo wuel d'Fro no der Dispens net ze stellen, maachen et awer: D'Dispens, ass dat an der Rei?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet iwwer. Dat ass de Projet de loi 7060, deen eng ganz Rei vun Neierungen a Verbesserungen, Annerunge bei de Congé-spécialle bréngt fir Familjen, ënner anerem och beim Pappennurlaub.

(Interruptions)

Ech soen näischt.

An d'Wuert huet d'Rapportrice, déi honorabel Madamm Taina Bofferding.

(Interruptions)

4. 7060 - Projet de loi portant modification

1. du Code du travail;

2. de la loi modifiée du 31 juillet 2006 portant introduction d'un Code du travail, et abrogeant

3. la loi modifiée du 12 février 1999 portant création d'un congé parental et d'un congé pour raisons familiales

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Jo, wann hie fäerdeg ass, brauch ech de Rapport net méi ze halen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Oh, ech hat dee scho viru 15 Joer gemaach!

(Interruptions et hilarité)

► **Mme Taina Bofferding (LSAP), rapportrice.** - Gutt, dass mer dat elo gekläert hunn!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetz hei ënnerstëtze mer haapt-sächlech schaffend Elteren. Mir suergen derfir, dass d'Eltere Beruff a Famill besser ënner een Hutt kréien. Mir erméiglechen hinne méi Zäit a Flexibilitéit, besonnesch wann hiert Kand krank ass, a mir kommen der Chancëgläicheet e gutt Stéck entgéint.

No der Reform vum Congé parental stinn elo weider Reformen un. Et geet ëm d'Neistrukturierung vum sougenannte Familljecongé duerch méi e flexibele System, deen et den Elteren erlaabt, sech besser ëm hir Kanner am Krankheitsfall ze këmmen. Et geet och ëm d'Verlängerung vum Congé postnatal vun aacht op zwielef Wochen an et geet ëm d'Neistrukturierung vun de Congé-extraordinaires, wéi zum Beispill dem sougenannte Pappcongé fir d'Gebuert vu sengem Kand.

Dat alles ass e gutt Signal fir d'Familjen hei am Land, well dovunner profitéieren d'Elteren a ganz besonnesch och d'Kanner. Mir gi weider a Richtung vun enger moderner Familljepolitik.

Dës Changementer passen och ganz gutt an d'Gesamtkonzept vun der neier Ausrichtung vun der Familljepolitik, déi an de leschte Joren aktiv bedriwwen gëtt. An der Regierungserklärung gouf sech drop geeenegt, d'Familljepolitik un déi haiteg Besoine vun de Familjen unzepassen, konkret Mesuren ze schafen, fir d'Elteren domadder geziilt ze ënnerstëtzen. Dës leien ëmmer d'Richtlinn vun der Chancëgläicheet, der Sozialofsécherung vun de schaffenden Elteren an d'Wuel vum Kand zugronn.

Mat dëse Reformen haut wäerte mer weider d'Konditiounen verbessern, fir dass d'Elteren, d'Partner sech kënnen zesummen a gutt ëm d'Kanner, de Stot, awer och ëm de Beruff këmmen. Ewech vun der konservativer Approche mat der iwwerlieferter Rolleverdeelung hin zu enger moderner Familljepolitik, déi sech un déi haiteg Liewensrealitéite vun all de Familjen upasst: Dat ass d'Essenz, an net, wéi de Majoritéitsparteien ëmmer erëm virgeworf gëtt, de Familjen e bestëmmte Liewensmodell wëllen opzezéien respektiv den traditionelle Familljemodell wëllen ze diskreditéieren.

Villméi brauchen Eltere konkret Mesuren, mat deene si hiert Privatlieue besser mam Beruff kënne verbannen. A genau dofir maache mir als Legislatuer déi verschidde Reformen. Fir eng seriö Familljepolitik ze maachen, däerfe mer keen - wéi soss an der Vergaangenheet - ideologeschen Discours féieren, mä mir mussen dorobber lauschten, wat d'Eltere wëllen, wat si an hir Kanner brauchen.

Eltere wëlle méi Zäit mat hire Kanner verbréngen a verlaange vun der Politik méi Ënnerstëtzung, fir d'Privat- mam Berufsliewe besser openeenofzestëmmen. A genau dat gouf och elo gemaach: op d'Besoinen vun den Eltere gelauscht, woufir dann elo de Congé pour raisons familiales reforméiert gëtt.

Domadder kommen ech dann och direkt zum éischte Punkt, der Neistrukturierung vum Congé pour raisons familiales. Dat ass dat Recht, dat Elteren hunn, fir doheem bei hirem kranke Kand ze bleiwen, wann den Zoustand vum Kand d'Präsenz vun engem Elterendeel verlaangt. Et ass wichteg, dësen anescht ze strukturéieren.

Aktuell huet all Elterendeel zwee Deeg d'Joer zegutt, wann d'Kand ënner 15 Joer krank ass. Schonns laang reegen Eltere sech op, dat zu Recht, dass déi zwee Deeg net duerginn an d'Handhabung vill ze vill rigid ass. A grad wann d'Kanner nach méi kleng sinn, gi si och méi oft krank.

Ech erënneren hei och un eng Petitioun aus dem leschte Joer, wou mer en Débat public hatten, wou mer genau dës Kritikpunkten och erëm ze héieren kruten. Elo soll eng méi flexibilitéit Form den Elteren hëlfe, sech besser kënnen ze organiséieren wéi mat där aktueller starrer Form vun zwee Deeg pro Joer.

D'Reform gesäit vir, dësse Congé dem Alter no ze staffelen. Fir e Kand vun 0 bis 4 Joer huet een Elterendeel insgesamt 12 Deeg zegutt. Bei engen Kand tëschent 4 bis 12 Joer sinn et insgesamt 18 Deeg. An nei ass, dass och fir e